I-2016-O-M-5069-01
(2777)

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Här Fernand Kartheiser

PL 7104

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2017

2

# MOTIOUN

D'Deputéierte-Chamber

stellt fest

- datt d'Grondschoule mat villen a grousse Problemer konfrontéiert sinn, wéi d'Heterogenitéit vun de Kanner (Sprooch, kulturellen Hannergrond, Familljesituatioun...), ëmmer méi Verhalensopfällegkeeten an nach villen anere Problemer;
- datt d'Enseignantë mat ëmmer méi Tâchë konfrontéiert ginn, virun allem och mat ëmmer méi Bürokratie;
- datt et wichteg ass, datt d'Enseignanten sech kënnen esou vill wéi méiglech individuell ëm d'Kanner këmmeren;
- datt d'Zuel vun den Enseignanten am Rapport zu der Zuel vun de Schüler vum Schoulministère strikt encadréiert ass;
- datt d'Zuel vun de Stonnen („Contingent") fir vill Gemengen all Joer ëm 10% erofgesat gëtt (Artikel 9 vum Groussherzogleche Reglement vum 18. Februar 2010), wat mat sech zitt, datt d'Effektiver vun de Kanner pro Klass eropginn.

invitéiert dowéinst d'Regierung

- d'Groussherzoglecht Reglement vum 18. Februar 2010 iwwert de Contingent esou séier wéi méiglech ze änneren, sou datt déi aktuell Zuel vu 16 Schüler pro Klass progressiv op 14 Schüler pro Klasse erofgesat gëtt.

F. Kartheiser